



Dépôt: GOERGEN Marc

Heure d'actualité Canicule de l'été 2022

Lëtzebuerg, den 20/10/2022



Motioun

D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:

- datt d'Stad Lëtzebuerg an aner Gemengen de Leit mat gratis Trinkbrunnen een onbeschränkten Accès op Drénkwaasser ginn an dat virun allem an deene waarmen Méint vum Joer ;
- datt et a verschiddene Gemengen öffentlech Toilette ginn, déi fir jidderee fräi zougängelech sinn ;
- datt et op ville Plazen am Land nach un engem gratis Accès zu Drénkwaasser an öffentlechen Toilette feelt.

Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:

1. All Persoun, déi op der Strooss leeft, et z'erméiglechen an öffentlech zougängelechen, staatleche Gebaier op d'Toilette kënnen ze goen oder do ee Glas Waasser ze kréien.

Marc Goergen

